Le caractère urgent de la question a été reconnu (02.02.2021)

n° 3563

CSV FRAKTIOUN

REÇU
Par Alff Christian , 09:37, 02/02/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 2. Februar 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

D'Universitéit vu Léck huet am August COVID-Spaut-Schnelltester brevetéiere gelooss. Elo Ufank Januar hunn d'Fuerscher vun der belscher Universitéit annoncéiert datt, unhand vun den Erfarungen déi se mat dem Personal vun Alters- a Fleegeheemer gemaach hunn, d'Effikassitéit vun hiren Tester erwise wier.

Aus dësem Grond préift wuel am Moment déi belsche Regierung d'Asetze vun dësen Tester an de Schoulen.

Virun dësem Hannergrond géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Ass d'Regierung um Lafenden iwwer dës Schnelltester?
- Wa jo, ass och zu Lëtzebuerg virgesinn esou Tester an den Alters- a Fleegeheimer an och an de Schoulen anzesetzen?
- Wann nee, aus wéi enge Grënn?
- Wa jo, ass d'Regierung schonn a Kontakt mat de Responsabele vun der Universitéit Léck fir eng evtl. Commande?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Claude Wiseler
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 12:02, 09/02/2021

Luxembourg, le 9 février 2021

**Réf.** : 836x90922

**Concerne**: Question parlementaire urgente n°3563 du 2 février 2021 de Madame la Députée Martine Hansen et Monsieur le Député Claude Wiseler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n°3563 du 2 février 2021 de Madame Députée Martine Hansen et Monsieur le Député Claude Wiseler concernant les « tests salivaires rapides ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Laurent Jomé
Premier conseiller de gouvernement

137-000010-20040525 FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n°3563 du 2 février 2021 de Madame Députée Martine Hansen et Monsieur le Député Claude Wiseler concernant les « tests salivaires rapides ».**

- Ass d'Regierung um Lafenden iwwer dës Schnelltester?

De Laboratoire national de Santé (LNS) an Direktioun vun der santé schaffe säit Ufank vun der Krise zesummen un der Revue vun diversen Tester déi op de Maart kommen. Am Fall wou sou interessant Tester disponibel sinn, ginn déi vum LNS bestallt an hei zu Lëtzebuerg ob hir Efficacitéit getest.

- Wa jo, ass och zu Lëtzebuerg virgesinn esou Tester an den Alters- a Fleegeheimer an och an de Schoulen anzesetzen?

Den LNS huet verschidde Marken vu Spaut Antigen- an PCR Tester bestallt déi fir de Moment nach ob hir Efficacitéit an och op hiren Handling analyséiert mussen ginn. An den Alters- a Fleegeheimer kommen am Moment déi „normal" antigen Tester zum Asatz, wou een een Ofstréch am Hals maache muss. Spaut Antigen Tester kënnen effektiv eng gutt Alternative an den Alters- a Fleegeheimer duerstellen, mee sollen awer complémentaire zu de PCR Tester genotzt ginn, well dës nach ëmmer déi fiabelst Solutioun duerstellen. Spaut PCR Tester wäerten an Zukunft och den Ofstréch an den Alters- a Fleegeheimer vereinfachen.

- Wann nee, aus wéi enge Grënn?

Säit Ufank vun der Krise hu mir zu Lëtzebuerg just Tester agesat déi souwuel eng CE-Zertifiéierung haten an déi och vum LNS getest gi sinn. Dës Approche huet évitéiert datt Tester kaf ginn wou et keng Sécherheet par rapport zu hirer Efficacitéit gëtt an déi schlussendlech net déi erwaarte Resultater bruecht hunn.

- Wa jo, ass d'Regierung schonn a Kontakt mat de Responsabele vun der Universitéit Léck fir eng evtl. Commande?

Den Test vun der Universitéit Léck wäert och am LNS analyséiert ginn. D'Universitéit Léck ass just 1 vun enger ganzer Rei vu Produzenten Tester déi interessant sinn fir ze analyséieren en vue vun engem eventuelle Pilot-Projet. D'Entscheedung fir ob en Test genotzt gëtt oder net baséiert virun allem op senger Sensibilitéit an senger Spezifizitéit zeréck. Natierlech gëtt de Präis vun den Tester och mat a Betruecht gezunn.